


### *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* an Ärer Gemeng!

Wousst Dir, datt Dir mat engem klenge Beet schonn e wichtege Bäitrag fir eis Biodiversitéit leeschte kënnt?

Eis heemesch Wëllblummen a Kraider sinn eng wäertvoll Nahrungsquell fir Päiperleken, wëll Beien an eng ganz Rei aner Insekten. Mat de passende Wëllplanzen hëlleft Dir dobäi, eis Natur direkt virun Ärer Hausdier ze stäerken.

Fir Iech den Ufank méi einfach ze maachen, kënnt Dir an der Gemeng e **gratis Echantillon** vun enger Mëschung vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fir eng Fläch vu ronn 1 m² ofhuelen *(esoulaang de Stock duergeet)*. Wann Dir d'Geseems-Mëschung elo useint, kënnt Dir Iech schonn d'nächst Fréijoer op eng faarweg a lieweg Blummewiss freeën.

Op wellplanzen.lu fannt Dir zousätzlech Informatiounen iwwer d'Wëllplanzemëschungen, d'Verkafsplazen, praktesch Tipps fir d'Usaat an alles, wat Dir wësse musst, fir Ären Natur-Eck erfollegräich unzeleeën. All Quadratmeter zielt!




### *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* dans votre commune !


Saviez-vous qu'un simple petit parterre fleuri peut déjà contribuer à préserver notre biodiversité ?

Nos fleurs sauvages et plantes indigènes constituent une source de nourriture essentielle pour les papillons, les abeilles sauvages et de nombreux autres insectes. En choisissant des plantes locales, vous contribuez à renforcer la biodiversité, directement chez vous.

Pour vous aider à démarrer, votre commune met **gratuitement à votre disposition un échantillon** de semences *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*, permettant d'ensemencer une surface d'environ 1 m² *(dans la limite des stocks disponibles)*. En semant dès maintenant, vous pourrez profiter, dès le printemps prochain, d'une prairie fleurie haute en couleurs et riche en biodiversité.

Sur wellplanzen.lu, vous trouverez de nombreuses informations sur les mélanges de semences, les points de vente, des conseils pratiques pour le semis ainsi que tout ce qu'il faut savoir pour créer votre propre coin de nature. Chaque mètre carré compte !

# Verkaufsstellen der LUX-Mischungen
# Points de vente des mélanges-LUX




*Kaartegrond: BD-Top © Administration du Cadastre et de la Topographie, Luxembourg.*